



N° 7496
Entrée le 20.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.01.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/01/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie & Wirtschaft weiderzeleeden.

De Moment gëtt an de Medie vill iwwert Lützerath geschwat. Den Energiekonzern RWE baut schonn zënter Joren direkt nieft Lützerath Kuel of. Fir d'Kapazitéite vum Kuelenofbau z'erweideren, soll Uertschaft zu Lützerath elo wechgerappt ginn. D'Leit goufen dowéinst mëttlerweil alleguer ëmgesidelt. Well den Ofbau vu Kuel als klimaschiedlech gëllt, hate Klimaaktivisten d'Duerf besat, fir op dës Aart a Weis ze probéieren, de Projet ze stoppen.

RWE ass net nëmmen an Däitschland am Secteur vun der Energie aktiv, mee och hei am Land.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. A wéi enge Projeten zur Hierstellung vun Energie schafft de Lëtzebuenger Staat mat RWE zesummen?
2. Setzt de Lëtzebuenger Staat zesumme mat der RWE a Verwaltungsréit vu Gesellschaften? Wa jo, a wéi enge Gesellschaften ass dat de Fall an zënter wéini?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten



www.piraten.lu



**Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n°7496 vum
20. Januar 2023 vum éierewäerten Deputéierte Marc Goergen iwwert "Coopération avec l'entreprise
RWE"**

- 1. A wéi enge Projeten zur Hierstellung vun Energie schafft de Lëtzebuenger Staat mat RWE zesummen?**
- 2. Setzt de Lëtzebuenger Staat zesumme mat der RWE a Verwaltungsrot vu Gesellschaften? Wa jo, a wéi enge Gesellschaften ass dat de Fall an zënter wéini?**

D'RWE ass nieft dem Lëtzebuenger Staat een Haaptaktionär an der Société électrique de l'Our S.A. (SEO). RWE Generation SE huet grad ewéi de Lëtzebuenger Staat 40,43% vun den Aktië vun der SEO. Dat heescht datt an der SEO, mee och an den Duechtergesellschaften vun der SEO, de Lëtzebuenger Staat direkt oder indirekt mat RWE zesummeschafft.

Dës Kooperatioun betrëfft d'Pompenspäicherkraaftwierk zu Veianen, dat eng extrem wichteg Energiespäicherroll am däitsch-lëtzebuenger Stroummarché an domadder der Integratioun vun den erneierbaren Energien an den europäesche Stroummarché spillt, mee och verschidde Lafwaasserkraaftwierker a Wandparken déi iwwer d'SOLER, eng Duechtergesellschaft vun der SEO an der Enovos, realiséiert a bedriwwen ginn, also Projeten, déi d'nohalteg Energietransitioun virubrénge.

Dofir sëtzt de Lëtzebuenger Staat och zesumme mat der RWE an dem Verwaltungsrot vun der SEO an den Duechtergesellschaften vun der SEO. Ze präzisieren ass dass d'SEO op engem Staatsvertrag mam Bundesland Rheinland-Pfalz, baséiert. An der järelecher Aktionärsversammlung vum 8. Mee 1953 ass fir d'éischt Kéier een RWE-Vertrieber an de Verwaltungsrot vun der SEO gewielt ginn.

Lëtzebuerg, den 8. Februar 2023
(s.) Claude Turmes
Minister fir Energie